# SËLLER JUGEND

Léif Säller Bierger,

Mir wëlle vun dësem Buet profitéiere fir eis hei eng Kéier als Säller Jugend virzestellen:

D'Jugend ass ee Veräin deen déi jonk am Duerf wëll zesummebréngen. Mir versichen als Jugend an der Gemeng aktiv ze sinn duerch eis Evenementer an e positiven Androck ze hannerloossen.

Duerch eis Eventer sammele mir Suen, déi da genotzt gi fir als Jugendgrupp Aktivitéiten ze plangen a flott Momenter zesummen ze verbréngen.
Mir wëllen an deene Momenter de Jugendlecher aus der Géigend erméiglechen sech als ausgeglachenen an engagéierte Matbierger ze entwéckelen, dat mat Freed a Spaass.
Bei eis gëtt **Kenneléieren**, **Spaass** an **Ënnerstëtzung** groussgeschriwwen.

Dëse Veräin an dës Demarche gëtt et net säit gëschter. Am Joer 1981 gouf de Club gegrënnt an et ass eis eng Éier déi Traditioun weiderzeféieren. Mir hoffen, datt et och no eis nach laang virugeet.

Mir kruten dëst Joer vun der Gemeng och en neie Sall zur Verfügung gestallt fir en als Clubsall ze notzen (den ale Pompjeesbau zu Säll). Mir freeën eis a wëllen dorausser en agreabele Treffpunkt an och Stockage vir d'Jugend maachen.

Hei dierf ech dann och den aktuelle Comité aus der Säller Jugend virstellen.
Dat sinn di Leit déi dofir zoustänneg sinn dat de Buttek leeft :

| | | | |
|---|---|---|---|
|  |  |  |  |
| Phillipe Conter<br>President | Kevin Hansen<br>Co-President | Christine Schmit<br>Tresorière | Jo Clausse<br>Sekretär |

| | | |
|---|---|---|
| <br>Jérôme Ensch<br>Comitésmember | <br>Thomas Beurlet<br>Comitésmember | <br>Joe Richartz<br>Ass ausgetrueden<br>MERCI vir däin Asaz |

<u>Wat mëscht d'Säller Jugend dann iwwerhaapt?</u>



**Januar / Februar**

Am Ufank vum Joer hu mir volle Programm. Mir gi Chrëschtbeemercher asammelen, Buergophierwen a mir organiséieren d'Hex-an d'Buergbrennen. Do gëtt et wéi üblech eise leckere Chili-con-carne. Kommt e gäre bis schmaache wann der dat nach net gemaach hutt. Mir sinn houfreg dës Traditioun bäizehalen.



Mir hëllefen natierlech och reegelméisseg a gäre bei verschidden Eventer wou mir ageluede ginn. Wéi zum Beispill dëst Joer: Fermeture vum Lëtzeburger, de Chrëschtmaart, a villes méi.

**Abrëll**



Am Abrëll si mir als Säller Jugend natierlech op der Grouss Botz present. Et ass eis wichteg dass eis schéin Dierfer propper bleiwen.

**Mee**

Am Mee maache mir als Jugend 3 Meekränz déi mir dann am Duerf ophänken. Do spillt d'Säller Musek och ëmmer schéi Musek. Mat hinnen schaffe mir och ëmmer rëm gären zesummen.



**Juni/Juli**




Séit 2 Joer elo organiséiere mir am Summer e klengt Fest. Mir si motivéiert dat weiderhin ze maachen an dem Duerf an deem schéine, oder och schlechte Wieder, gutt Laun ze bréngen.
Mir hoffen et huet Iech dëst Joer och gutt gefall mam Luss sengem Fierkel an der vegetarescher Lasagne an erwaarden Iech t 'nächst Joer rëm zuelräich.

**Oktober**



Em Oktober organiséiere mir am Duerf en Oktoberfest. Dëst Joer hu mir dat vir d 'Éischt als Green Event organiséiert. Dat heescht souvill wie méiglech nohalteg, regional a lokal.

<u>Dierf ech dann och bei deene Saachen deelhuelen?</u>




Bass du tëscht 12 an 32 Joer al? Bass du motivéiert fir ze schaffen? Trëffs du gären aner Jugendlecher? Hues du gären Spaass? Wëlls du dech an denger Gemeng engagéieren?

Wann's du op deene froe positiv äntwere kanns bass du gesicht. Mir freeën eis ëmmer rëm em nei Memberen. Jiddereen dee Loscht huet ass bei eis wëllkomm a gëtt gutt empfaangen.

Passt de net an der Alterskategorie, mee wëlls eis awer ënnerstëtzen?
Guer kee Problem, spëtz deng Oueren: Mir si reegelméisseg op der sich no Sponsoren, Material, Terrain, a villes méi vir eis Evenementer ze organiséieren.
Mell dech roueg !

<u>Wie kann ech mech da mat der Jugend a Verbindung setzen?</u>

Dir kennt entweder mat engem vun eise Comitésmembere schwätzen oder eis iwwert sellerjugend@gmail.com schreiwen.

Mir wëllen och vun dësen Säiten profitéieren fir Merci ze soen:
**MERCI** der Gemeng fir eise Sall an hir Hëllef **MERCI** eiser Jugend déi eis vertraut dëse Veräin ze schmäissen an déi mat eis Spaass wëll hunn. An natierlech en Grousse **MERCI** un jiddereen deen eis op der enger oder anerer Manéier ënnerstëtzt.

*(Text/Fotoen: Säller Jugend)*

Chers citoyens de Saeul,

Nous aimerions profiter de ce « Buet » pour nous présenter ici en tant que jeunesse de Saeul :

La jeunesse est une association qui vise à rassembler les jeunes du village. En tant que jeunesse, nous essayons d'être actif dans la commune grâce à nos manifestations et de créer une impression positive.

Ces événements nous permettent de récolter des fonds qui sont ensuite utilisés pour planifier des activités de groupes pour les jeunes et pour passer de bons moments ensemble.
Nous voudrions que ces moments permettent aux jeunes de la région de se développer en tant que citoyens équilibrés et engagés, et ce avec joie et plaisir.
Chez nous, la RENCONTRE, le PLAISIR et le SOUTIEN sont des priorités.

Cette association et ce mode de fonctionnement ne datent pas d'hier. En 1981, le club a été fondé et c'est un privilège pour nous de poursuivre cette tradition. Nous espérons que cela continuera bien après nous.

Cette année, la commune nous a mis à disposition une salle que nous pouvons utiliser comme « club house » (ancien bâtiment associatif des pompiers). Nous nous en réjouissons et voulons en faire un lieu de rencontre agréable et aussi un lieu de stockage pour la jeunesse.

C'est à cette occasion que nous souhaitons présenter le comité actuel de la jeunesse de Saeul.
Ce sont eux qui assurent le bon déroulement des activités:

---

Que fait la jeunesse de Saeul ?

**Janvier/Février**
Le début de l'année est très chargé. Nous ramassons les sapins de Noël, nous collectons pour le « Buergbrennen » et nous organisons le Hex- a Buergbrennen ». N'hésitez pas à venir y goûter notre délicieux chili-con-carne si vous ne l'avez pas encore fait. Nous sommes très fiers de maintenir ces traditions.
Nous participons bien sûr aussi régulièrement et volontairement à des événements auxquels nous sommes invités, comme par exemple cette année :
Fermeture du « Lëtzeburger », le marché de Noël et bien d'autres.

**Avril**
En avril, nous participons bien sûr, en tant que jeunesse de Saeul, à la « Grouss Botz ». Nous tenons également à ce que les villages restent propres.

**Mai**
En mai, nous réalisons 3 couronnes de mai que nous accrochons ensuite dans le village. A cette occasion, la « Sëller Musek » joue toujours de la belle musique. Nous avons certainement plaisir de collaborer avec eux.

**Juin/Juillet**
Depuis deux ans, nous organisons une petite fête en été. Nous sommes motivés pour continuer à le faire et à apporter de la bonne humeur au village en toutes circonstances.

**Octobre**
Nous espérons que cette année encore, vous avez apprécié le porcelet de Luss et les lasagnes végétariennes.
Nous espérons vous retrouver nombreux l'année prochaine.

<u>Puis-je participer à ces activités ?</u>

Tu as entre 12 et 32 ans ? Tu es motivé pour travailler ? Tu aimes rencontrer d'autres adolescents ? Tu aimes passer du bon temps ? Tu veux t'engager dans ta commune ?

Si tu peux répondre positivement à ces questions, on te cherche. Nous sommes toujours heureux d'accueillir de nouveaux membres. Toute personne qui en a envie est la bienvenue chez nous et sera bien accueillie.

Tu ne fais pas partie de la catégorie d'âge et tu veux quand même nous soutenir ? Pas de problème, tends l'oreille : Nous sommes régulièrement à la recherche de nouveaux partenaires, de matériel, de terrains et de bien d'autres choses pour organiser nos événements.

N'hésite pas à nous contacter.

<u>Comment entrer en contact avec la jeunesse ?</u>

Vous pouvez soit parler à l'un des membres de notre comité, soit nous faire parvenir un message via sellerjugend@gmail.com.

Nous voulons aussi en profiter pour remercier tout le monde :

MERCI à la commune pour notre nouvelle salle et votre soutien.
MERCI à nos jeunes qui veulent s'amuser avec nous et qui nous font confiance en ce qui concerne la gestion de l'association. Enfin, un grand MERCI à tous ceux qui nous soutiennent d'une manière ou d'une autre.